

Ordre du jour

1. Communications
2. 4871 - Projet de loi portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette

(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

3. 4978 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif

(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Anne Brasseur, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

■ M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da wollt ech der Chamber folgend Kommunikatioune maachen.

1. Communications

1) Par lettre du 8 octobre 2002 M. le Député Jeannot Krecké a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur les services publics.

2) M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre, en date du 8 octobre 2002, le projet de loi 5033 concernant les organismes de placement collectif.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4871 iwwert de Bau vun engem zweete Lycée technique zu Esch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen déi Damme Stein, Mutsch, Durdu, déi Häre Jaerling, Garcia, Urbany an Zannussi. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Claude Meisch.

2. 4871 - Projet de loi portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

■ M. Claude Meisch (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et u sech ëm net méi awer och net manner wéi d'Opspécklung vun dem bestehende Lycée technique vun Esch. Et gëtt u sech een Haaptargument, dat zur Noutwendegkeet vun dëser Oppléckung bäidréit, an dat ass d'Zuel vun de Schüler, déi momentan am Lycée technique vun Esch ageschriwwen sinn. Et sinn der no un déi 2.500. Doniewent gëtt et en zweet Argument, dat erkläert, firwat do eng Neierung noutwendeg ass, an zwar sinn déi Schüler do op net manner wéi fënnef verschidde Gebaier a fënnf verschidde Siten opgedeelt.

Fir dat ofgelafend Schouljoer 2001/2002 ware 418 Schüler am Gebai op der Place Victor Hugo ënnerbruecht. Et waren an deem grouesse Gebai zu Esch/Lalleng 1.169 Schüler. Am Quartier Wobrécken zu Esch waren et der 450. An engem Gebai bei ARBED/Schëffleng waren et 220 Schüler an zu Esch/Raemerech nach ëmmerhin 173.

Ech mengen, jidderee ka sech virstellen, deen e bësse weess wéi eng Schoul fonctionnéiert, respektiv fonctionnéiere soll, an och vum pädagogesche Standpunkt hier, wat d'Kritäre sinn, fir e performanten Enseignement kënnen unzibidden, datt déi Opdeelung do sécherlech net ideal ass, an datt déi administrativ Gestünn doduerch erschwéiert gëtt, an awer mat

Sécherheet och déi pädagogesch Supervisioun.

D'Regierung selwer huet sech jo och als Zil gesat, fir de Schoulgebaier net méi héich Schülerzuelen zouzemuude wéi 1.500. Idealerweise soll e Lycée, oder e Lycée technique tëschent 1.200 an 1.500 Schüler zielen. Dës Oppléckung gouf also noutwendeg a si ass jo och scho vun dëser Chamber de 24. März 1999 an enger Motioun gefuerdert ginn.

Eng éischt Viraussetzung, fir dat ze realiséieren, ass de Bau vun engem neie Gebai, dee momentan viru sech geet. Et ass dat neit Gebai zu Esch/Raemerech. All déi ënnert eis, déi regelméisseg vum Süde vum Land an d'Stad fueren, gesinn, datt dee Bau zügig viru kënn, a wa mer vun Esch hei hinner komme riets vun der Autobunn do schonn eng ganz Rei vu Stäck a vu Gebaier stinn. Doduerch gëtt et ebe méiglech, dat bestehend Etablissement an zwee verschidden a vunenee separéiert Etablissementer opzesplécken. Den aktuelle Lycée technique, also dat bestehend Etablissement, wäert dann och an deem neie Gebai ënnerkommen a wäert awer weiderhin eng Annex behalen am Gebai op der Plaz Victor Hugo, souwäit d'Gebaielchkeet dat zuléisst. Mir wëssen, datt do eng Rei vu Mesuren nach mussen geholl ginn, respektiv nach Analyse mussen gemaach ginn, wat den Zoustand vun deem Gebai ubelaangt.

Dat neit Etablissement, dat mer mat dësem Projet de loi haut schafen, kënn an deem grouesse Gebai zu Esch/Lalleng ënner. Och dat Gebai muss nach renovéiert ginn, kann dat awer eréischt dee Moment, wou dat neit Gebai fäerdeg ass. Wann dann och Esch/Lalleng renovéiert ass, wäert et esou sinn, datt déi Gebaier zu Wobrécken an ARBED/Schëffleng net méi gebraucht ginn. Déi ginn also souwuel vum deem engen Etablissement wéi och vun deem aneren Etablissement abandonnéiert. Déi zwee Etablissementer, déi dann duerno wäert de Lycée technique zu Esch offréieren, wäerten allebéid eng komplett Offer maachen, dat vunn der 7ième bis op 13ième. Och an deenen zwee Lycées techniques gëtt et e Préparatoire, deen integréiert ass an de Cycle inférieure. Et ass dat, wat besonnesch d'Kommissioun och gefreet huet, an awer och positiv bemierkt ginn ass an enger ganzer Rei vun Avisa vum de Chambres professionnelles, datt de Préparatoire an den Enseignement secondaire technique do integréiert ginn ass, och raimlech integréiert ginn ass, fir eben eng Integratioun vun deene Schüler an de Secondaire technique ze erméiglechen.

Wann een awer elo seet, déi komplett Offerte gëtt a béide Gebaier gemaach, da bezitt dat sech op d'Klasse vun 7ième bis 13ième. Allerdéngs ass et net esou, wéi ee vläicht kéint mengen, datt sämtlech Type vun Formatioun a béide Gebaier ugebuede ginn: Dat wier och deementspriedend schwéier ze realiséieren, well do jo eng ganz Rei vu Konditiounen un d'Infrastrukture gestallt gëtt. D'Infrastrukture misste quasi duebel zur Verfügung gestallt ginn. Ech denken do un Atelierien, ech denken u Laboen. An dofir gesäit d'Gesetz vir, datt d'Opdeelung vun den Type vun de Formatiounen déi folgend ass:

Am bestehenden Etablissement am Lycée technique vun Esch wäerten haaptsächlech technesch Formatiounen ugebuede ginn, allerdéngs ergänzt duerch all déi Formatiounen, déi op ee Beruff am Santésberäich, respektiv am Sozialberäich solle preparéieren, dat och mam Hannergedanken, fir een Equilibre tëschent Jongen a Meedercher an där Schoul do kënnen ze kréien.

An deem neie Lycée technique vun Esch, dee mer dann haut wëlle mat dësem Gesetz schafen, sollen haaptsächlech Formatiounen ugebuede ginn aus dem administrativen, respektiv aus dem kommerzielle Beräich. Ech erspueren lech elo den Detail vun deene Formatiounen, déi ugebuede ginn a béiden Etablissementer a verweisen domadder op den déi detailléiert Opluecht, déi Der am schréffleche Rapport fannt.

Allerdéngs ass awer probéiert ginn, bei der Opdeelung vun der Offerte vun deenen zwee Lycées techniques, eng équilibréiert Offerte an deenen zwee Etablissementer ze schafen. Dat heescht vun der Qualitéit an och vum Niveau hier, sollen déi zwee Etablissementer eng gläichwäerteg Ausbildung ubidden. Et ka jidderee sech virstellen, dee weess wéi eng Schoul fonctionnéiert, datt et net esou einfach wäert si vun haut op muer ee Betrib an zwee verschidde Betriber kënnen ze deelen. Emmerhi schaffen am Lycée technique vun Esch net manner wéi 350 Enseignanten, an och edukativt, administrativt an technesch Personal.

Dofir gesäit d'Gesetz vir, datt all déi Leit, déi zum Zäitpunkt wou dëst Gesetz elo a Kraaft trëtt, am Escher Lycée technique affektiéiert sinn, während dräi Joer eng Prioritéit hunn, fir och eng Affektiatioun an deem neie Lycée technique kënnen ze kréien. A wéi mer an der Kommissioun vun deenen zoustännege Leit aus de Ministère, awer och vun der Direktioun héieren hunn, ass et an deenen allermeeschte Fäll do zu engem Accord mat dem betrafene Personal komm.

Allerdéngs net nëmmen d'Personal muss opgedeelt ginn op déi zwee Etablissementer, mä och de Budget muss opgedeelt ginn. Wa mer am Budgetgesetz fir d'Joer 2002 kucken, stongen do 453.000 Euro Frais de fonctionnement fir den Escher Lycée technique. Et ass elo esou, datt déi Fiche financière, déi beim Gesetzestext bailoung, virgesäit, datt fir d'Schouljoer 2002/2003 55% vun dem Montant do fir de Lycée technique vun Esch reservéiert sinn, an déi aner 45% dann deem neien Etablissement, dat mer haut hei schafen, zur Verfügung géinge stoen.

Aneschtens wéi bei deenen zwee leschte Gesetzer, déi mer hei gestëmmt hunn, wou en Etablissement secondaire, respektiv secondaire technique geschafe ginn ass, steet an dësem Gesetz kee konkreten Numm. Dat war vir drun och ni esou de Fall, an dat kann duerchawer Iwwer Règlement grand-ducal geschéien. Dat ass an enger Rei vun Avisen och opgeworf ginn. Ech sinn der Meenung, datt et genuch Personnage gëtt, déi Mériter ëm d'Stad Esch hunn, respektiv Mériter ëm déi ganz Regioun hunn, well et sécherlech och e Lycée technique wäert gi mat engem deelweis op d'mannst regionale Charakter, an et gëtt bestëmmt och genuch Personagen hei am Land, déi sech verdéngt gemaach hunn ëm eis Education an eng ganz Rei vu Fortschrétt an der Education initiéiert hunn, sou datt dee Lycée do och nach en Numm wäert fannen.

Nun, fir et kuerz ze maachen, dëse Projet de loi ass ee weidere Schratt an eng nei Struktur vun eisem Secondaire. Et geet dorëm, fir méi kleng a méi iwwerschaubar Unitéiten ze schafen, dat ebe fir déi pädagogesch an och déi administrativ Avantagen ze erméiglechen, déi ech virdrun opgezielt hunn an déi mer eis alleguerete kënnen virstellen, an eis och alleguerete géinge wënschen. Dofir géing ech lech bieden, dësem Projet de loi Är Zustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

Discussion générale

■ Mme Nelly Stein (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech wëllt dem Här Rapporteur ganz häerzlech félicitéieren, fir säin ausgezeechente schréfflechen a mündleche Rapport. Hien huet dat esou detailléiert gemaach, datt ech mech elo eigentlech ka mat der Fro beschäftegen, wéi et praktesch um Terrain ausgesäit. Eent kann ee virausschécken: Mat dësem Gesetzesprojet maache mer sécher der Direktioun, de Proffen an och de Schüler eng grouss Freed.

En Direkter vun enger Escher Postprimärschoul huet viru Jorzéngten, ech ka mech genau erënnere, gesot: Mir hunn elo eng Schoul mat 650 Schüler. Alles ass nach gutt iwwersichtlich, a gutt ze géréieren. Mä mer wäerten awer nach méi Schüler kréien, a wa mer op d'Zuel vun 1.000 kommen, da gët et schwéier. Dës Iwwerleeung huet och nach haut déiselwecht Gültigkeet wéi deemools, a wa mer dovun ausginn, dat den Escher Lycée technique 2.430 Schüler huet an elo op fënnf Sitë verdeelt ass, da gëtt et eis kloer, welch Contrainté jiddereen huet misste mat a Kaf huelen, fir datt de Betrib iwwerhaupt sollt dréine während Jorzéngten. Et si jo genuch Leit hei bannen, déi dat materliert hunn. Ech brauch nëmmen ze erwähnen, datt d'Madame Minister och eng ganz kuerz Zäit do an där Schoul passéiert ass. Do hu mer eis kenne geléiert. Den Här Haupt an den Här Sonnen setzen do. Déi kënnen dat bestätege wat ech hei soen.

Ech selwer sinn 1966 an de Lycée technique vun Esch komm, deen awer deemools nach Ecole professionnelle geheescht huet. Et waren ongeféier 700-800 Schüler. Alles war am Victor Hugo-Gebai. Et war flott, et war gemittlech. Mir haten eng Konferenz, wou all Enseignant een deen anere kannt huet, wou den Direkter all Enseignant kannt huet, an den Direkter selwer huet och nach eng grouss Partie vun de Schüler kannt. Mä an e puer Joer ass d'Schülerzuel drastesch eropgaangen, esou datt d'Victor Hugo-Gebai aus allen Néit regelrecht geplätzt ass. Esouguer all Raum am Keller war vun enger Klass besat. Eis Klasse koumen op Schichten an hate weder fest frai Nomëtteger, nach hiren eegene Klassenall. Mir haten also regelrecht Wanderklassen.

Selbstverständlech war et eng grouss Erlichterung, wéi dann dat nei Gebai zu Lalleng opgaangen ass, an dat war am Joer 1980. Mir haten elo wuel e schéint Gebai, wat och jiddereen appreciéiert huet. All Klass hat erëm hire feste Klassenall, d'Wanderklassen wären ofgeschaaft, mä dann hate mer néi Wandergesellen, an dat waren d'Proffen an den Directeur.

Sécher war d'Iwwerleeung richtig fir ze soen, datt de Kontakt ënner Kollegen a mat dem Direkter misst bestoe bleiwen, well den Direkter war jo haaptsächlech am Victor Hugo-Gebai, dat mir als Maison-mère bezeechent hunn, an dofir hunn d'Proffen och an deenen zwee Gebaier Stonne kritt, wat mat sech bruecht huet, datt d'Proffen hu missen dauernd hin an hier pendele vun engem Gebai an dat anert. Si waren an der Hetz, si waren am Stress, hu vill Sprangstonne mat a Kaf geholl. Wéivill Protokoller weinst Falschparke bezuelt goufen, dat kann ee sech jo ganz llicht ausmolen. Den Direkter selwer war ni op där Plaz, wou e gebraucht gouf. Wann en am Victor Hugo-Gebai gebraucht gouf, da war en zu Lalleng, an elo mat fënnf Siten ass dat sécher och net méi einfach.

De Stonneplang opstellen, dat gouf ongeheier schwéier. D'Surveillance konnt nëmme mat ganz vill Efforte garantéiert ginn, d'Kollegialitéit ënner Kollege gouf zu enger Saach vun der Onméiglechkeet, an domadder och d'Konzertiatioun ënner Proffen, déi awer esou wichteg ass, wann et ëm d'Problemer vu Schüler geet, ëm d'Problemer vu Klassen. Den Direkter hat net emol d'Chance all seng Profte kennen ze léieren.

Et gëtt een awer midd, der 350 am Ganze kennen ze léieren; dat ass jo onméiglech. Hie konnt se héchstens nient der Conférence plénèriere, maximum ee- bis zweemol am Joer, gesinn. D'Proffen ënnereneen hu sech och net kannt, wat mat sech bruecht huet, datt e Partenariat tëschent Elteren, Schüler a Schoul einfach schwéier war fir hierzustellen, e Partenariat, vun deem mer awer ëmmer schwätzen.

Mat dësem Gesetz gëtt dat alles besser, obschonn ech perséinlech fannen, datt 1.300 Schüler och nach eng héich Zuel ass, mä et besteet erëm d'Chance, datt jidderee sech identifizéiert mat sengem Gebai, mat senger Schoul, mat senger Direktioun, mat senger Schüler, mat sengen Elteren a mat senger Kolleege.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Lycéee fonctionnéieren, wann haut an der Chamber alles riicht rässt, total autonom a bidden allebéid e kompletten Zyklus vu 7ième bis 13ième. Vlächicht hätt kënnen fir d'Opdeelung vun den eenzelne Sektionen anescht iwwerluegt ginn. Ech ginn awer och zou, datt dat méi séier gesot ass wéi gemaach, well eng ideal Léisung gëtt et souwiso net. Mir brauchen nëmmen ze iwwerleeën, datt déi speziell Säll, déi deier Infrastrukturen, déi mer brauchen zum Beispill fir Atelierien, net kënnen gläichzäiteg an zwee Gebaier offéiert ginn. Dat wär jo och net ze verantworten. Ob een de Pararmédical mam Commerce an ee Gebai gesat hätt, hunn ech mech och gefrot. Do ass gesot ginn, jo herno hu mer do nëmmen eng Schoul, wou zu 90% Meedercher ginn. Also, alles huet seng Avantagen, seng Désavantagen. Ech selwer kennen och keng ideal Léisung, sou datt ech soen, et muss ee just kucken, datt dat heite gutt geet, dann ass et schonn dat Richteg.

D'Septième, d'Huitième an d'Neuvième fonctionnéieren an deenen zwee Gebaier identesch. An dat ass ganz besonnesch wichteg fir de Cycle inférieure an am Interesse vun de Schüler. Ganz besonnesch wichteg schéngt et mir ze sinn, datt déi Kleng vu Septième beroden a gehollef kréien.

Fir d'Orientatioun vun de Schüler op der Neuvième muss eng enk Zesummenaarbecht tëschent deenen zwee Gebaier bestoe bleiwen. A just dat war e Plus an där aler Schoul, trotz deenen aneren Nodeeler, déi ech erwähnt hunn. Déi zwee Lycéee si gehalen zesammen ze schaffen, wa se dem Schüler wëllen no Neuvième seng bescht Chance ginn. Et kann net sinn, datt d'Orientatioun vu Schüler gemaach géif ginn nom Angebot an engem Gebai.

(Interruption)

Merci Här Scheuer, mir sinn nach ëmmer enger Meenung.

■ M. Jos Scheuer (LSAP).- Mir hu gutt zesumme geschafft.

■ Mme Nelly Stein (CSV).- Mir hu ganz gutt zesumme geschafft a mir schaffen haut och nach gutt zesammen. Den Trend geet jo dohin, datt d'Schüler sech an deem Gebai beschreiwen, wou déi Formatioun ugebuede gëtt, déi si gewielt hunn, awer e Changement, besonnesch no der Neuvième, muss an all Fall méiglech sinn.

D'Direktioun vum Escher Lycée technique huet scho ganz vill Viraarbecht am Hibleck op dëse Gesetzesprojet gelescht. Et sinn zéng Klasse vu Septième ageschriwwen. All Gebai huet fir d'Schouljoer 2002-2003 fënnf Septiemen. Ganz besonnesch huet hei de Kritär vum Transport gespillt. Et si virun allem d'Kanner vu Lalleng, Monne-rech, Schëffleng, déi an d'Gebai op Lalleng kommen. D'Kanner vun Esch, Bieles, Suessem, zum Beispill, ginn elo a d'Victor Hugo-Schoul a spéider op Raemerech. Fir dës Décisioun ze erlichten, goufen d'Elteren ugeschriwwen a krute matgedeelt, datt hiert Kand an dat an dat Gebai géif kommen. Wann d'Elteren net reagiert hunn, da war et an der Rei. Mä grad ewéi am Première - an do kënnen jo d'Buergermeeschteren all ee Liddchen dovun sängen -, wou mer Geschwësterkanner, an eent an datselwecht Gebai setzen, do gouf, wann d'Elteren de Wunsch ausgedréckt hunn, och nach e Wiessel virgeholl.

Och d'Personalfro ass scho gekläert. D'Proffe waren nämlech iwwert e Questionnaire gefrot ginn, wëlls du an d'-Gebai A, wëlls du an d'-Gebai B oder wëlls du an e Gebai, jee nom Besoin vum Service goen. Op Grond vun dësen Äntwerte konnt Personal opgedeelt ginn. Gréisstendeels hu se och Satisfaktioun kritt, woubäi awer och d'Alterpyramid respektéiert gouf a gekuckt gouf, datt d'Proffen an d'Proffinnen, wéi soen ech do, well Professorin ass net esou flott, mä déi Männlech an déi Weiblech gläichméisseg verdeelt sinn. Et ass kloer, dass bei esou enger Opdeelung net all Enseignant 100%teg Satisfaktioun konnt kréien, wann ee weess, datt vu vireran zum Beispill all d'Biologen am léifsten an deem Gebai sinn, wou déi respektiv Sektoun ass, wann ee weess, datt all Ingénieur sech do mell, wou säi Fach ugebuede gëtt, a wann ee weess, datt all Maître d'enseignement technique dohi geet, wou och Dixiemen an Onzième sinn. Wien allerdéngs elo net zefridde gestallt konnt ginn -an ech hu mer soe gelooss, et sinn der maximal eng Dosen -, déi hu während dräi Joer eng Prioritéit bei allen Nominatiounen.

Ech wëllt zum Ofschloss all deene Leit merci soen, déi geschafft hunn, fir dass dëse Gesetzesprojet gläich konnt ëmgasat ginn. Merci och dem Ministère, mä virun allem och merci allen Direkteren a Proffen, déi während Jore villes mat a Kaf geholl hunn, fir datt d'Schoul sollt fonctionnéieren. Hinnen all wënschen ech ganz vill Freed an hirem Beruff, wëll et ass fir mech haut nach dee schéinste Beruff, deen et gëtt. Ech muss soen, ech sinn esou gären an déi Schoul gaangen, do war eng Ambiance, et war flott, ech géif jidderengem datselwecht wënschen.

(Interruption)

Ganz bestëmmt. D'Kollegialitéit war sécher vill méi grouss. Ech soe war. Ech wëllt der Madame Minister eng gutt Hand wënsche bei der Nominatioun vum Direkter. Een Numm fir d'-Gebai, dee fanne mer, do maachen ech mer keng Suergen.

Ech géif am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet ginn, an lech, déi nogelauschtert hunn, merci soen.

(Hilarité)

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Neischafung vun engem Lycée technique zu Esch berout op engem laangen Entwécklungsprozess. Deem zu Grond läit op där enger Säit d'Entwécklung vun de Schülerzuelen, op där anerer Säit awer och d'Entwécklung vun den techneschen a wirtschaftleche Rahmbedingungen, mat deenen neien Exigenzen, déi doduerch un eis Schoule gestallt gi sinn, an nach ëmmer gestallt ginn. Wat dat elo spezifesch fir de Standuert Esch bedeit, wëll ech hei an e puer kuerze Wieder duerstellen.

Eng berufflech Ausbildung hu mer zu Esch vum Ufank vum leschte Jorhontert un. Awer eréischt duerch de Bau vun der Victor Hugo-Schoul am Quartier Uecht huet dës Ausbildung an den 30er Joren e richtegen Doheem fonnt. Dëst éischt Gebai ass Enn de 70er Joren ze kleng ginn, och a virun allem duerch déi Entwécklung, déi ech virudrun ugedeit hunn. 2.500 Schüler si schonn deemools quasi am Schichtunterrécht op dëser Plaz ausgebild ginn. D'Konsequenz dovunner war e weidert Gebai zu Lalleng, ëm dat et am Fong geholl haut och geet. A genee deem Gebai entsteet nämlech elo duerch dëst Gesetz eng richtig Ecole de Commerce et de Gestion. Vu Septième bis Treizième kënnen d'Kanner e Formatiounswee aschloen, dee se a deem Beräich op den héchsten Ausbildungsniveau bréngt, deen et hei am Land gëtt. Dat geschitt an dësem Fall net duerch eng Schafung aus dem Näischt duerch de Bau vun enger Schoul op der grénger Wiss beispillsweis, wou een d'Kapazitéiten, d'Kompetenzen a d'Expérience vun de Enseignanten nach méi zesummeféiere muss, an duerno mat net manner Méi och nach d'Schüler fir déi nei Schoul zesummen trommele muss.

Am neie Lycée technique zu Esch ass dat anescht. Et gëtt e gewuessene Corps enseignant, deen eng laangjäreg Experienz huet, an deen esou ganz niewebäi och nach duerch all déi Joren d'Schüler zu ganz gutten, wann net zu beschten Examenresultater op Landesniveau gefouert huet. Zousätzlech gëtt an der Schoul eng Formatioun an der Vente ugebueden, déi jo direkt un de Commerce gekoppelt ass.

Trotz deenen Avantagen hu mer eis awer misse froen, ob et sënnvoll ass, d'Formation technique et professionnelle zu Esch a verschidden Entitéiten opzedeelen. Wann ee sech den Zoustand ukuckt, wéi en déi lescht Jore war, da stellt ee fest, dass am Escher Lycée technique op fënnf verschidde Plaze Schoul gehale ginn ass. Kee vun deene fënnf Sitë war onzoututtbar, dat stëmmt, an trotzdeem ass et eng onhaltbar Situatioun, wann e Schoulbetrib op fënnf Standuerter organiséiert muss ginn. E Schoulbetrib mat esou vill Facettë vu Formatiounen, déi op esou vill verschiddenen Niveauen fonctionnéieren, wéi et am LTE de Fall ass, ka laangfristeg net optimal gefouert ginn. Dofir erschéngt et mer duerchaus rationnabel a richtig ze sinn, dee Schoulbetrib op zwee Site opzedeelen, an, esou ewéi et virgesinn ass, an d'Lallenger Schoul, déi just erwähnte Formation commerciale eranzebréngen, a déi traditionell technesch Formatioun an der Mechanik an an der Elektrobranche beispillsweis, um sougenannten ale Site ze beloossen. Och un dëser Schoul gëtt geschafft. Dozou kommen nach verschidden Ausbildungsweeër aus dem Artisanat.

D'Aarbechten zu Raemerech am Sommer, fir déi dote Schoul an d'Ausbildungsraimlechteken ze erneieren an ze verbessern, si voll amgang, a si sollen an zwee Joer ganz ofgeschloss ginn.

Zesumme mam Centre de Formation professionnelle continue, zu deem senger Installatioun mer déi viregt Regierung ëmmer nach begléckwënschen, entsteet dann e Komplex, dee sech hei am Land weise léist, an dee mat Sécherheet net nëmmen eis zu Esch, mä de ganze Süden zefriddestelle kann. A jiddereng vun deenen zwou Schoule ginn dann herno knapps iwwer 1.000, respektiv 1.200 Schüler an de Unterrécht, esou wéi et am leider nach ëmmer net offizielle Plan sectoriel vun de Lycéeën prekoniséiert ass.

Mir schafen also verbessert Konditiounen an allen Hinsichten. Am Beräich vum Standuert, am Beräich vum Transport, wat d'Schülerzuel ugeet, wat d'Raimlechteken, d'raimlech Integratioun vum Préparatoire um Site ubelaangt.

A well de Rapporteur op eng ganz sachlech an interessant Manéier am Detail op déi eenzel Avantagen agaangen ass, brauch ech dat net méi ze maachen, an him just an eise Numm dofir merci ze soen.

Zum Schluss wëllt ech eng Kéier just nach op d'Schoul op der Victor Hugo-Plaz zrëckkommen. Mir hu vun der Ministesch an Aussicht gestallt kritt, dass de Cycle inférieur an en Deel vum Gebai soll intégréiert ginn. Et wier nämlech och eng ganz gutt Plaz fir eng Primärschoul.

Mä wat geschitt mat deenen zwee, schonn zënter Joren desaffektéierte Fligelen, déi matten an Esch eis Landschaft verschandelen? Sinn an der Tëschenzäit Konkusiounen aus den Etüde gezu ginn, déi elo awer scho viru geraumer Zäit entaméiert gi sinn, a wa jo, wat sinn dann dës Konkusiounen a kéinte mer se eventuell genannt kréien?

Wa mer nämlech och nach dorop eng zefriddestellend Äntwert kéinte kréien, da kéinte mer mat nach méi Enthousiasmus deem heite Gesetz zoustëmmen.

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

■ **Mme Agny Durdu (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur merci soen. fir säin ausféierleche schréfflechen a virun allem méndleche Rapport, deen en de Mëtteg hei ofgeliiwert huet, an ëm merci soen, datt en och esou séier säi Rapport virgeluegt

huet, fir datt mer de Projet hei konnten an der Plénière stëmmen.

Wann ech elo menge Virriedner nogelauschtert hunn, engersäits dem Rapporteur, deen en objektive Bericht duergeluegt huet an de richtige Sachverhalt, an dann der Mme Stein an der Mme Mutsch, stellen ech mat grousser Satisfaktioun fest, datt heibannen Unanimitéit iwwert d'Nécessitéit vun dësem Lycée besteet, an et mierkt een esouguer net méi heibannen, datt mer eng Majoritéit an eng Opposition hunn, well jidderree schéngt begeeschtert ze sinn iwwert dëse Projet.

Zréck geet en op eng Motioun vun der Chamber vum 24. Mäerz 1999. Dat ass ewell heibanne gesot ginn, wou d'Parteien alleguer der Meinung woren, et misst zu Esch eppes geschéien. Ech mengen, d'Mme Stein huet mat ganz vill Realitéitssënn erkläert, wéi dës Situatioun an deene leschte Joren no an no entstanen ass, an datt et fir eng Direktioun wierklech onméiglech ass, fir op fënnf Sitë present ze sinn an uerdentlech Aarbecht ze leeschten, ob scho se sech während esou laange Joren déi do Aarbecht zu Déngschte gemaach huet.

Ech kann am Numm vun der Kommissioun der Madame Brasseur nëmme félicitéiere fir déi Aart a Weis, wéi et zu dësem zweete Gesetzesprojet koom. Mir kréien hei net nëmmen e puer Artikelen dohinner geluegt, mä et ass eng ganz Viraarbecht geleescht ginn. D'Presenz vun der Direktioun an der Kommissioun huet bewisen, op wat fir eng Aart a Weis, dass geschafft ginn ass, dass Ronndéshgesprécher woren mat den Enseignanten, mat den Elteren, an et ass vill geschafft ginn am Virfeld, esou datt mer am Fong geholl hei net nëmmen e fäerdege Gesetzestext hunn, mä datt am Fong geholl d'ganz Viraarbecht realiséiert ginn ass.

Dofir am Numm vun der Kommissioun eis Komplimenten an och eis Unerkennung un d'Direktioun, déi ganz konkret an effikass um Terrain geschafft huet. Ech mengen, et mécht elo kee Sënn, datt ech nach eng Kéier déi Artikelen, déi hei zur Ofstëmmung ënnerbreet gi sinn, analyséieren.

Iwwert d'Opdeelung vun de Fächer, déi mer an deenen zwee Lycéeën fanne, kann ee vläicht diskutéieren. Dat mag sinn, mä ech mengen, si berouen einfach op objektive Kritären, fir net onnëtz zweemol déi nämlech Infrastruktur op zwee verschidde Site ze installéieren, an ech mengen, si wäert herno zu der Presenz vun enger équilibréierter Populatioun, engersäits téschent Meedercher a Jongen, wéi iwwerhaupt vun der Zuel vun interesséierte Kanner féieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Enseignante kënnen, déi eng op där enger an déi aner op där anerer Plaz, déi Fächer enseignéieren, déi si gäre géifen enseignéieren.

Mir hunn hei elo e Lycée, wou mer herno wäerten op deenen zwee, op deem neien an deem ale Site, vu datt momentan nach keen Numm fir deen neie Site do ass, an deem ënneschten Zyklus Septième- bis Neuvièmes-Klassen hunn, wat menger Meinung no ganz gutt ass, an et ass ze ënnersträichen, datt och de Régime préparatoire an deenen zwee Lycéeën wäert present sinn, datt mer d'Iddi vun der Integratioun, déi mer hei am Land wëllen téschent ale Kanner an engem Schoulgebaui hunn, hei wäerten erëmfannen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech hale mech weider ganz kuerz. Wéi gesot, ech géing mer wënschen, datt dëse Projet elo den Nomëtteg gestëmmt géif, an datt e virun allem séierstméiglechst ausgefuert géif, an datt d'Madame Minister eng glécklech Hand bei der Émsetzung, mä virun allem beim Fanne vum Numm vun deem neie Lycée huet. Mir als DP wäerten op alle Fall dëse Gesetzesprojet droen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, am Numm vum ADR wëll ech och dem Här Rapporteur fir säin ausféierleche Bericht félicitéieren. Ech

wëll awer och meng Virriedner félicitéieren, wou engersäits d'Madame Stein déi technesch Detailler hei virgedroen huet an d'Madame Mutsch am Fong e bësse méi en historesche Réckbléck gemaach huet, esou dass ech dorobber ka verzichten a mer domadder vill Zäit wannen.

Wéi scho gesot, resultéiert déi Opspléckung vum aktuelle Lycée technique aus der Noutwendegkeet, fir am Fong kënnen déi steigend Zuel vu Schüler organisatoresch besser an de Grëff ze kréien. Ech mengen, dat war, wéi schonn hei gesot ginn ass, am leschte Jorzéngt, datt eng Steigerung vum Effektiv vu 46% nei Infrastrukturen noutwendeg gemaach huet, déi jo och hei an der Chamber gestëmmt gi sinn an domadder zur Verfügung stinn, awer och nei Weeër fir eng strukturell besser Organisatioun vum Unterrécht mat sech gezunn huet, déi jo dann och mat dësem Gesetz sollen a Kraaft trieden.

Wann 350 Enseignante sollen op nei Infrastrukturen nei opgedeelt ginn, esou beduerf dëst selbstverständlech enger intensiver Mataarbecht, net nëmme vun den Administratiounen, net nëmme vum Législateur, mä awer och besonnesch vun deem Personal, wat beträff ass, an ech géif mengen - dat ass schonn hei ervirgehuewe ginn -, dass dat och ouni vill Problemer geklappt huet.

Dëst Gesetz soll elo fir d'Sessioun 2002/2003 a Kraaft trieden, an do stellt sech awer d'Fro, ob dat nach méiglech ass, well d'Schoul jo awer elo schonn amgaangen ass. E Règlement granducal soll d'Organisatioun vun der Ausféierung vun dësem Gesetz regelen. Dat läit awer leider nach net vir, esou dass ee kaum domat rechne kann, dass déi nei Organisatioun an dëser Sessioun wäert iwwer d'Bühn kënnen goen, ausser, dass dës Organisatioun schonn iwwert d'Bühn gaangen ass ier dëst Gesetz gestëmmt ass.

Als ADR wäerte mer op jidde Fall dëst Gesetz stëmmen, well mer der Meinung sinn, dass all sënnvoll Mesuren am Interesse vun der Educatioun nëmme kënnen positiv Auswierkungen op déi nächst PISA-Etüd hunn.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

■ **M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all puer Méint versammele mer eis hei an enger grenzenloser Leidensbereitschaft, fir eis vun der Bildungsoffensiv iwwerrullen ze loosse, fir net ze soen, plattwalzen ze loosse, an natierlech eng vun de Mamme vun alle Schluechten an där Bildungsoffensiv ass d'Schafung vun esou engem neie Lycée, och wann et dee Lycée eigentlech scho gëtt. An dofir ass et natierlech derwäert, dass mer hei e formidabele Gesetzestext vu siwen Artikelen op de Métier geholl hunn.

Déi siwen Artikele soen eis, dass mer e Schoulgebaui mat enger Organisationsstruktur a mat engem Numm behaften. Déi soen eis weider, dass et eng Offre scolaire gëtt, déi et och scho gëtt. Déi soen eis des Weideren, dass d'Personal agestallt gëtt no engem Gesetz, wat et och scho gëtt. Déi soen eis weider, dass den Direkter agestallt gëtt no enger Prozedur, déi et och scho gëtt. An déi soen eis, dass vun der Rentrée un, déi et och scho ginn ass, déi heite Prozeduren a Kraaft trieden. Dat sinn natierlech formidabel Erkenntnisser an dësem Gesetzestext, déi et derwäert sinn, dass mir eis zwee-, dräimol versammelt hunn an der Kommissioun, fir doriwwer ze debattéieren.

Ech wëll zwar den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ginn, well et ass sécherlech näischt Schlechtes. Alerdéngs hätte mir eis, genau wéi bei deene Lycéeën virdrun, zu Mamer an um Geesseknäppchen, e bësse méi vun esou engem Text erwaart. Ech kommen dorobber nach ze schwätzen

Zwee Aspekter wëll ech nach ervirsträichen. Éischtens déi Geschicht, dass et iwwerhaupt dozou koom ass, dass dee Lycée vun Esch an zwee gespléckt ginn ass. Dat ass eng Motioun,

déi mir sengerzäit hei abruecht hunn. An do wëll ech awer der Madame Stein hiren Enthousiasmus e bësse bremsen, well déi Motioun ass an enger Phas op Drock vun hir, well si nämlech net domat d'accord war, an d'Kommissioun verweise ginn, an dunn ass se eréischt heihinner zrëckkomm, esou dass ech elo frou sinn, dass d'Madame Stein e Gesinnungswandel gemaach huet, well deemools war se net mat där Separatioun an zwee Gebaier d'accord als Presidentin vun der Educatiounskommissioun. Ech hunn, wann Der se wëllt liesen, d'Texter vun den Debate vun deemools do. D'Motioun ass op Drock vun der Madame Stein an d'Kommissioun zrëckverweise ginn, mä wéi gesot, nëmmen domm Leit änneren hir Meinung ni an d'Madame Stein gehéiert net dozou, dofir huet se hir Meinung geännert. Dat ass jo ganz erfrelech.

Ech hunn d'Dokumente do leien, well dat war de 7. Juli 1998, wann ech mech net ieren, mä ech misst awer um Datum kucken.

Da wëll ech nach kuerz op den Numm agoen. Do war et jo scho beim Numm vun der Madame Aline Mayrisch de St. Hubert op Divergenze koom. Ech hat och an der Kommissioun en Numm proposéiert, deen eigentlech jidderengem Rechnung gedroen hätt, nämlech den Här Schleimer, dee sengerzäit Direkter war vun deem Gebai an der Madame Schleimer-Kill, déi eng vun de grouse Figure vum der Emanzipationsbestriewung, haaptsächlech am Escher Raum, war. An dann hätt ee jo kënnen dee Lycée Schleimer nennen, mä do ware verschidde Leit aus verschiddene Grënn net domadder d'accord. Et kéint een deen natierlech dann och Madame Kill nennen, well dat jo de Meederchersnumm vun der Madame Schleimer-Kill ass. Et kéint een natierlech och aner Nimm zu Esch fannen, wéi zum Beispill de fréiere Burgermeeschter, den Här Arthur Useldinger. A wa mir en aneren Numm wëllen, kënnen mer ëmmer nach der Madame Stein hiren Numm huelen, well si war jo sécherlech eng, wéi mer héieren hunn, vun deene begeeschterte Protagonistinnen vun dem Enseignement an deem Lycée technique vun Esch.

Mä Spaass bei Säit, ech wëll kuerz drop agoen, firwat dass mir eigentlech vun deem Projet de loi, och wa mir e stëmmen, enttäuscht sinn. Firwat stëmmt een esou ee Projet de loi iwwert de Fonctionnement vun engem Lycée? Aus dräi Grënn.

Éischtens hate mir hei an der Chamber eng einmütig Motioun gestëmmt, dass mer souwuel am Kulturberäich wéi am Educatiounsberäich sollten higoen an esoubal wa mir en neie Contenant géife stëmmen, parallell dozou och de Contenu géifen definéieren. Dat geschitt ëmmer mat engem klengen Déphasage, mä et geschitt. Dat ass net ëmmer de Fall gewiescht.

Zweetens hate mer awer och geduecht, dass mer kéinte vun der Schafung vun neie Lycéeën profitéieren - well dat ass jo déi éischte Kéier säit Jorzéngten, dass a leschter Zäit nei Lycéeën geschafe ginn -, fir eng Amorce vun Autonomie de fonctionnement an och Autonomie pédagogique virzege-sinn. Dat ass an dësem Fall genau esou wéineg geschitt wéi am Fall vum Lycée Aline Mayrisch an am Fall vum Lycée vu Mamer.

Déi drëtt Nécessitéit oder déi drëtt Méiglechkeet war och gewiescht, fir deenen neie Lycéeën e gewëssene Profil pédagogique ze ginn, wou een hätt kënnen soen, an enger gewëssener Regioun ginn et gewësse Lycéeën, déi spesialiséiere sech net nëmmen op gewësse Fächer mä och op gewësse Methoden, fir an deene Fächer déi se hunn, virzegoen. Dat ass och an dësem Kontext verpasst ginn an dat deet eis ëmsou méi Leed wéi déi Erkenntnisser déi aus der PISA-Etüd elo an der Kommissioun op eis gereent sinn, zimlech eendeitig sinn, well ech mengen all Spezialisten a Spezialistinnen, déi mer komme gelooss hunn, hunn eppes ganz kloer gesot, dass déi Länner an erfollegräichsten an der PISA-Studie ofgeschnidden hunn, déi eng gréisstméiglech pedagogesch Autonomie hire Schoulgebaier zouerkannt hunn.

Et kann een natierlech iwwert d'Enver-gure an d'Bandbreite vun där Autonomie streiden. Mir sinn natierlech déi

lescht, déi géife wëllen do eng Dereguléierung oder eng Privatiséierung prekoniséieren, mä mir sinn awer iwerzeegt, dass méi eng grouss pedagogesch Autonomie vun de Schoulgebaier sécherlech eisem Schoulsystem zegutt géif kommen. An do gëtt et de Moment an den Instanzen, déi awer net d'Chamber sinn, well d'Chamber kritt dat jo ëmmer als lescht, en Avant-projet de loi portant sur l'organisation des établissements d'enseignement post-primaire. A wann ech mir deem Avant-projet de loi hunn daerfen ukucken, obwuel en net an der Chamber läit, do muss ech soen, dass déi Dispositionen, déi de Moment doranner virgesi sinn, net grad eng autonomistes Offensiv duerstellen. A wann ech mech un dat erënneren, wat zum Beispill den Urvater vun der Bildungsoffensiv, den Här Eugène Berger, heiansdo hei an deem Plenum vertrat huet, an och wat zum Beispill am Avis vom Conseil supérieur de l'éducation nationale zum Thema Autonomie ze liese war, da si mer nach wierklech wäit dovun ewech. Mir sinn esou guer vläicht nach Schrëtter zrëckgaangen.

Et huet een och misse feststelle beim PISA-Hearing, dass verschidden Direktoren aus de Secondaires-Gebaier, besonnesch aus dem Secondaire technique, sech ganz staark gemaach hu fir eng méi grouss Autonomie, natierlech engersäits pro domo. Si hu méi e staarke Rôle vun der Direktioun gefuerdert. Si hunn natierlech keng Stellung geholl zu där Fuerderung vom Conseil supérieur fir d'Direkten op fënnel Joer, mat enger Verlängerungsmöglichkeit, ze wäilen. Mä dat ass jo zimlech kloer.

Et ass awer och vill geschwat ginn iwwer d'Cogestioun vun all deene sëllege Gremien, déi och an deem Avant-projet de loi zitéiert sinn, also Gremien, esou wuel vun deenen eenzelnen Teilnehmer an der Schoul, also Elteren, Schüler, Schülerinnen a Profen, awer och déi Cogestiungsgremien. Et ass och drop higewise ginn, dass eng méi grouss Autonomie géif erlabe méi Aktivitäten parascolaires ze organisieren, an doraus e spezielle Profil pédagogique ze entwëckelen.

An natierlech dee leschte Punkt, deem e bëssche méi delikat ass, mee dee sech awer an neie Gebaier méi einfach réaliséiere léisst, dee vun deem méi gezielte Rekrutement, zumindestens vun enger Partie vun den Enseignanten an den Enseignanten an enger gewëssener Schoul.

Wéi gesot, mir bedauern, dass an deenen dräi leschte Projets de loi guer näischt dovunner ze spieren ass. Mir hoffen awer dass am Kader vun den Diskussiounen ronderëm deem Avant-projet de loi, deem ech zitéiert hunn, et, ier et zu engem Projet de loi kënnt, nach vläicht zwou Modifikatiounen méiglech sinn, an dorfir hu mer eng Motioun hei virbereet, déi d'Regierung opfuert, à la lumière vun den Erkenntnisser vu PISA, nach eng Kéier ze iwwerdenken, ob et net gutt wär, fir awer gewëssen Elementer vun Autonomie pédagogique an dat Gesetz anzubringen, a wann do nach keng fix Idéi den Débat méi an d'Öffentlechkeet bréngen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *rappelant qu'à l'origine des projets de loi sur le nouveaux établissements de l'enseignement postprimaire était la détermination d'entamer un processus d'autonomie administrative et pédagogique au sein de ces établissements,*

- *constatant que le présent projet de loi ne comporte aucun élément substantiel d'autonomie pédagogique ou administrative,*

- *rappelant le document de réflexion du Conseil supérieur de l'éducation nationale et de nombreuses interventions au parlement en la matière,*

- *soulignant que l'évaluation des résultats de l'étude PISA, notamment dans les pays nordiques, montre qu'un processus d'autonomie nuancée en matière de pratiques pédagogiques et d'autogestion administrative est susceptible d'augmenter la qualité et la diversité de l'enseignement postprimaire dans notre pays,*

invite le Gouvernement

- *à revoir, dans la lumière de l'étude PISA, les modalités contenues dans l'a-*

vant-projet de loi portant organisation des établissements d'enseignement postprimaire,

- *à affiner notamment les dispositions relatives au rôle de la direction, aux responsabilités des différentes instances de cogestion et aux activités pédagogiques autonomes, en tenant compte du document de réflexion du Conseil supérieur de l'éducation nationale,*

- *à soumettre la question de l'autonomie scolaire à un large débat dans les milieux concernés et dans l'opinion publique.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

De leschte Punkt, an dee gehéiert natierlech do derzou, ass dee vun dem Profil pédagogique. Mir hate schonn deemools bei der Schafung vum Lycée vu Mamer, wéi mer de Bauteprojekt vu Mamer hei debattéiert hunn, alleguerten doriwwer geschwat, dass et vläicht interessant wier ze profitéiere vun engem neie Lycée, fir och do e Profil pédagogique ze erstellen. Et ass dun awer net zustane koom, och net beim Lycée Aline Mayrisch, obwuel et beim Lycée Aline Mayrisch dann iwwert den Émwee vun engem interne Règlement dozou koom ass, dass do awer méi Autonomie zustane koom ass, wéi an anere Gebaier, wat natierlech erëm eng Kéier dozou féiert, dass déi Leit, déi e gewëssene Sënn fir Autonomie hunn, e bësse jalous sinn op aner Gebaier, an dobai hätte mir et léiwer gehat, et géif eng kohärent Linn an den Autonomiebestriewunge ginn, an och an de Bestriewunge vu Profils pédagogiques, an duerfir wëll ech an dem Sënn och eng Motioun abringen, dass bei deene sëllege neie Lycéeën, déi elo nach wäerten op eis duerkommen, trotzdem gekuckt gëtt, well dat jo meeschtens Lycéeën sinn, déi an de Regione sinn, wou et schonn eng relativ grouss Offre scolaire gëtt, wéi jo zum Beispill am Süden, dass een awer emol kënnt kucken, ob et net méiglech wier, an deenen Lycéeën gewëssen originell pedagogesch Projeten a priori virzege-sinn, an och de Rekrutement vun den Enseignanten an Enseignanten an dem Sënn ze bewerkstelligen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

Considérant

• *qu'au-delà de la nécessité de compléter les infrastructures scolaires de notre pays par un programme de construction d'infrastructures scolaires adaptées aux besoins croissants, il importe de mettre en pratique certaines idées sur l'autonomie des établissements de l'enseignement postprimaire,*

• *que la notion d'autonomie scolaire ne doit pas se limiter aux aspects de gestion, mais que la notion d'autonomie pédagogique, dans les limites des missions de l'école publique, devra être affinée et concrétisée, notamment par des expériences pilotes, invite le Gouvernement*

• *à conférer aux futurs lycées les missions pédagogiques et les structures de gestion permettant le déroulement d'une expérience d'autonomie pédagogique dès la mise en service,*

• *à élaborer, bien avant la mise en service, un projet d'autonomie pédagogique en vue d'associer très tôt des enseignants intéressés et des enseignants intéressés à cette expérience.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotz eiser Enttäuschung kënne mir deem harmlose Projet dann awer gudde Gewëssens stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

■ M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen, an Dir Hären, zum Projet selwer ass elo scho vun de Virriedner ganz vill gesot ginn. Ech wëll mech a menger Interventioun op zwee Elementer beschränken, déi engersäits mat dem Lycée selwer ze dinn hunn an anerersäits mam Plan sectoriel.

Den éischten Punkt, deem ech wëllt nach eng Kéier hei ervirsträichen, an deem ech ausdrëcklech begreifen, ass d'Tatsaach, dass an deem heite Lycée et elo fäerdegbruecht ginn ass op deenen zwee Siten de Régime préparatoire ze integréieren. Ech denken, dass mer mat där doter Moosnam där grousser Diskussioun, déi mer och am Kader vun der Pisa-Etüd regelméisseg gefouert hunn, an och nach wäerte féieren, fir Chancegerechtigkeit vis-à-vis vun alle Schüler ze garantéieren, e Schratt méi no kommen.

Ech sinn och frou ze héieren, dass d'Madame Durdu op deser Plaz ebenfals déi dote Moosnam begreift huet. Ech bedauern dann awer hei nach eng Kéier, an dat géllt net nëmme fir d'Madame Durdu, dass se net deem doten Discours beim Lycée zu Péiteng gefouert huet, well zu Péiteng ass d'Situatioun vun de Schüler déiselwecht wéi an deem heite Lycée, a wa mer zu Péiteng deeslewechte Courage gehat hätten, dee mer hunn, fir dat hei ze maachen, da wär d'Ausernanersetzung ëm dee Lycée sécherlech eng aner ginn, wéi déi, déi mer dee Moment haten. Dofir mengen ech, ass et awer ni ze spéit, fir et besser ze maachen, an ech denken, dass d'Regierung dann aus deenen Diskussiounen och geléiert huet.

Aus dem Projet, dee mer elo hei virleien hunn, gesäit een, dass eng Rei vun Elementer an der éischter Mouture vum Plan sectoriel Lycée enthalte sinn. Et ass an der Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, drëm gaangen, an deem Plan sectoriel Lycée an d'Richtung vun engem vertikale Regroupement vun de Formationen ze goen. Et muss een awer kritesch am A behalen, wéi dee vertikale Regroupement vun de Formationen sech wäert auswirken, ob an deem Lycée déi dote Moosnam net dozou féiere wäert, dass d'Schülerpopulatioun ausbleift. Ech denken, dass een dat Element do opmierksam muss suivéieren.

Den zweete Punkt, deem och am Kader vum Plan sectoriel diskutéiert ginn ass, ass deem iwwert Fro vun der Zuel vun de Schüler. Effektiv gëtt deem heite Projet Rechnung gedroen, nämlech dass d'Zuel vun de Schüler an deenen neie Gebaier méi niddreg läit, wéi se elo an deem Gebai do war, wat u sech och eng gutt Saach ass.

Am Zesammenhank mam Plan sectoriel stelle sech awer fir eis eng Rei vu Froen, op déi ech wollt an deem Zesammenhank zrëckkommen. Mir hunn de 24. Abrëll 2001 déi éischte Kéier iwwert de Plan sectoriel Lycée an der Chamberkommissioun geschwat. An deem Dokument, wat ganz nobel Absichten enthält, geet dovunner Rieds, dass dee Plan sectoriel der demographescher Entwëcklung Rechnung droe soll, dass véier verschidde Pölen am Land sollen ageriicht ginn, dass all Pôle e komplett Ugebuet vun schouleschen Niveau soll ubidden, a véiertens, dass virun allem d'Lycées de proximité solle gefuerdert ginn, fir den Trafik an de Verkéier vun de Schüler ze reduzéieren.

An deem Dokument, Här President, Dir Dammen, an Dir Hären, ass och iwwert d'Entwëcklung vun de Schülerzuele Rieds gaangen, an ech ka mech erënneren un déi Interpellatioun vum Här Garcia, virun deem engen oder anere Joer, wou mer eis intensiv iwwert d'Infrastrukturen ënnerhalen hunn. Do hu mer am Fong dat confirméiert kritt, wat deemools och schonn hei diskutéiert ginn ass. An deem Dokument vum Plan sectoriel gëtt et zwou Varianten, eng Variant, déi en héije Wuessstum virausset, an eng aner, déi en nidderege Wuessstum virausset. Déi Kommissionsmembere waren integral der Meinung, dass wann ee vu Wuessstum schwätzt, d'Uwuesse vu Schülerzuelen, een am Fong misst déi zweet Variant berücksichtegen déi seet, dass bis Joer 2010 hei zu Lëtzebuerg ronn 11.000 Schüler wäerte baikommen. Wann een et vergläicht mam Schoulsraum, deem am Moment zur Verfügung steet, konstatéiert een en Defizit fir Schüler an der Héicht vu 8.000. Dat sinn der enorm vill, an eleng am Süden en Defizit vu Schoulsraum fir 3.000 Schüler, wat ganz héich ass.

Et gëtt och festgestallt am Joer 2001, dass zu deem Datum nach ëmmer 3.000 Kanner an alen, préfabriqués Raimlechkeete setzen, eng Situatioun, där am Fong, an do ass jiddereen domadder d'accord, sollt remédiéiert ginn.

Zu deem Plan sectoriel stelle sech, wéi gesot, eng Rei vu Froen:

1. ass de Plan sectoriel jo en Deel aus dem Gesetz iwwert den Aménagement du Territoire vun 1999. Wou ass de Plan sectoriel um legislative Plang drun? Gëtt et en Deel vum Gesetz iwwert den Aménagement du Territoire? Gëtt et e Règlement grand-ducal, oder wat fir eng Form kritt deem dote Plan sectoriel? Et wier flott, wann ee vu der Ministerin heiriwwer kënnt eng Äntwert kréien.

An der Kommissioun ass och iwwert déi Fro vun den Neibauten a vum Zäitraum diskutéiert ginn, deenen noutwendeg ass, fir e Lycée ze bauen. Et ass dovunner geschwat ginn, dass kuerzfristeg dräi zousätzlech Lycéeën direkt solle gebaut ginn: een am Osten, een am Norden, een am Süden. Et ass och gesot ginn, dass deem een 2005, deem aneren 2006, an deenen drëten 2008 un d'Netz soll goen. Et steet och am Dokument, dass innerhalb vun deenen nächsten zéng Joer sechs bis siwen nei Lycéeën mussen gebaut ginn, fir de Besoinen entgéintzekommen.

D'Bauzäit an d'Dauer vu der Planung stinn ebenfals am Dokument mat 8, 4 Joer an et ass vu jiddfremgem bedauert ginn, dass deem Zäitraum esou laang ass. Am Plan sectoriel oder a deem Dokument steet dann och, dass d'Bauverwaltung soll all Méiglechkeete kréien, fir déi Délaien ze reduzéieren. D'Madame Brasseur huet den 11. Abrëll an der Kommissioun ugekënnegt, dass si géing e Projet de loi ausschaffe loossen, fir déi Bauzäit a déi Planungsphasen ze reduzéieren.

Wann een noliest, wat an der Regierungserklärung steet, esou steet do, dass Efforte solle gemaach ginn. Datselwecht steet am Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei, an och an deem vun der CSV.

Ech wollt am Fong ofschléissend nach froen, wéi wäit dass deem dote Projet geidién ass a wat fir eng Äntwerten, dass et op déi dote Froen gëtt?

Ofschléissend mengen ech, dass mer als Fraktioun deem heite Projet kënne stëmmen an hoffen, dass d'Regierung weiderhin de gudde Virschléi vun de Sozialiste Rechnung dréit.

■ M. le Président.- Als nächst Riednerin huet elo d'Erzëungsministeresch, d'Mme Anne Brasseur, d'Wuert.

■ Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee leschte Projet, dee mer hei an der Chamber gestëmmt hunn iwwert d'Education, war deem iwwert d'Eropsetzung vun der Zuel vun den Inspektoren an d'Schafe vu Bureaux régionaux am Kader vum Primär. Dat ass e Projet, deem d'Unanimitéit vun deem Haus krut. Ech mieren, dass deem nächste Projet, deem elo um Ordre du jour steet, dee fir d'Kreatioun vun engem neie Lycée zu Esch och d'Unanimitéit vun der Chamber kritt. Et gesäit een also, dass an der Education een och kann d'Unanimitéit op Projete kréien, och wann op der Place publique an och heibanne kontrovers diskutéiert gëtt.

Dofir wonnert et mech net, dass nievent där Unanimitéit awer dann aner Punkten hei opgeworf ginn, déi näischt mam Projet ze dinn hunn, fir ze weisen, dass et awer nach Problemer gëtt. Datt et nach Problemer gëtt, weess ech, an ech wëllt d'Problemer wäer viru menger Zäit all geléist ginn, dann hätt ech d'Liewe méi einfach, an da wier et och haut méi einfach, fir all d'Acteuren an der Schoul.

Or, dass ass net esou, an esouguer wann ech all Projeten an deenen Delaie kënnt fäerdegstellen, wéi ech mer dat géing wënschen, an da géing et vill méi séier virgoen, kënnt een net soen, d'Aarbecht wär eriwier, well d'Aarbecht ass ni gedoen. Besonnesch an der Education, wou dauernd eng Evolution ass, muss ee sech permanent a Fro stellen, a muss een all Projet ëmmer erëm op de

Métier huelen.

Ech wëll bei deemem Projet de loi dem Rapporteur villmools merci soen, fir déi Aart a Weis wéi e sai Rapport virgedroen huet a mat wellecher Kompetenz a mat wellecher Sachlechkeet en dat hei gemaach huet. Dofir e ganz grouse Merci.

Och déi aner Intervenanten hunn dat mat grousem Engagement gemaach. Wa mer hei zu där Unanimitéit kommen, a wann et méiglech ass e Projet ze stëmmen, deem net zu gréisseren Opreegung feiert, dann ass dat, well gutt Viraarbecht geleescht ginn ass. A fir déi Viraarbecht wëll ech all deene merci soen. déi doru geschafft hunn, an dat sinn haaptsächlech d'Leit aus der Schoul selwer. Et sinn nämlech si um Terrain, déi gekuckt hunn, zesumme mat de Beamten aus dem Ministère, wéi een dat kënnt am beschten ugoen. An et gëtt ganz oft probéiert dann ze soen, mä do ass scho Viraarbecht geleescht ginn. Jo, déi Viraarbecht muss een awer leeschten, fir dann an aller Sérénitéit kënne driwwer ze diskutéieren.

Et ass nämlech net evident e Gebai, wat 2.500 Schüler ëmfaasst, iwwert 350 Enseignanten, Personnel éducatif, administratif et technique, wat op fënnel Sitë verdeelt ass, esou ze gérieieren, dass et gutt fonctionnéiert. An och dofir wëll ech all deene Leit merci soen, déi doru matgewierkt hunn. Dat ass d'Direktioun mat der Equipe vun der Direktioun, dat sinn all d'Enseignanten an dat ass de Personnel administratif, technique et éducatif. E Gebai nämlech ass net nëmme d'Infrastrukturen, mä e Gebai ass virun allem d'Leit, déi dat composéieren. An do huet de Lycée technique vun Esch ganz gutt Aarbecht gemaach, trotz deene Contrainten, an deene se hu misse schaffen.

De Lycée technique vun Esch huet eng pedagogesch Autonomie a deem huet zum Beispill e System vun Tutorat ageféiert. Dat wat also hei vum Här Garcia gefuerdert gëtt, dass duerch d'Gesetz misst d'Autonomie kommen, do huet Esch bewisen, dass een dat ka maachen. Ech ka se nëmme ënnerstëtzen op där Schinn virunzefueren. D'Autonomie muss nämlech vun deene Leit gedroen a gemaach ginn, déi an engem Gebai sinn, an ech géing et net gutt fannen, wann d'Politik géing déterminéiere wéi dann e Gebai am Detail ze fonctionnéieren huet. Pädagogie mécht sech nämlech um Terrain, a mécht sech mat Sécherheet net an der Chamber, och wa mer hei eng Partie Leit hunn, déi aus deem Métier kommen, besonnesch aus dem Lycée technique vun Esch.

D'Madame Stein huet elo grad ervirgestrach, wien alles do enseignéiert huet, an ech wëll soen, et woren och fréier Schüler, déi heibanne sinn, déi an de 50er Joren do an d'Schoul gaange sinn, wéi et nach d'Beruffsschoul wor - zum Beispill den Här Glesener, huet mer dat gesot. Et ass net un der Politik ze definéieren, wéi e Schoulgebaier ze fonctionnéieren huet, mä et ass d'Schoulgebaier selwer mat sengen Acteuren, déi dat mussen entwëckelen, an do besteet eng Dynamik, déi ech och wëll ënnerstëtzen.

Fir de Kader fir d'Schoulentwëcklung ze schafen, ass en Avant-projet de loi an der Diskussioun, an dee gëtt mat deene concernéierte Leit fir d'éischt diskutéiert, ier mer domadder an d'Kommissioun ginn. Well et kann een net mat Iddien an d'Kommissioun goen, ier ee mat de Leit um Terrain geschwat huet. Well Iddien, déi een huet, mussen och an der Praxis ëmsetzbar sinn. Ech halen näischt vu groussen Theorien, déi an der Praxis net réalisierbar sinn. Ech gi léiwer esou vir, dass ee kuckt wat machbar ass, wéi ee pragmatesch ka virgoen, an dat da mat de Leit um Terrain ëmzesetzen.

Wann een déi nei Lycéeën kuckt, déi kreéiert gi sinn, wéi de Lycée Aline Mayrisch, do gesäit een, dass sech do eng Dynamik entwëckelt huet, déi och méiglech ass am jëtzege Kader. Och zu Mamer wäert eng ganz Partie vun Initiativen an deem Sënn kommen.

An och hei huet een e Gebai, wat awer op eng Traditioun kann zrëckgräifen, well d'Personal schonn en place ass, an dofir mengen ech, wier et net gutt, wa mer vun hei aus deene géinge soen, wéi se ze fonctionnéieren hunn. Dofir kann ech och déi zwou Motiou-

nen, déi den Här Garcia hei presentéiert huet am Numm vu deene Gréngen, net unhuelen, an ech géing d'Chamber bieden, se ze rejtéieren.

Et sinn nach Froe gestallt ginn iwwert d'Mise en vigueur. Et wor virgesinn, datt dat vun dëser Rentrée u géing lafen. Et leeft de facto vu dëser Rentrée un. Ech wollt proposéieren, datt d'Poste vum Direkter an duerno dee vum Directeur adjoint géingen ausgeschriwwen ginn, datt een da kann den 1. Januar operationell sinn, datt et also an dësem Schouljoer leeft, an datt mer vum 1. Januar u prett sinn, fir dat ze maachen.

Wat d'Personalfroen ubelaangt, ass et richtig, datt dat en concertation mam Personal geschitt ass. Et si vu deenen 350 Leit, déi betraff sinn, der 15, deenen hire Wënsch net konnt Rechnung gedroe ginn. Mä ech mengen, datt de Projet awer doduerch net kann opgehale ginn, an déi hunn, wéi de Rapporteur dat och gesot huet, nach dräi Joer d'Méiglechkeet prioritär fir eng Nominatioun ze optéieren.

Ee Wuert nach zum Numm. E ass richtig, datt all Lycée soll en Numm kréien, an dat ass, ier ech Minister gi sinn, duerch Règlement grand-ducal gemaach ginn. Dat kann och gemaach ginn. Bei deenen zwee Projeten, déi ech abruecht hunn, hat ech selwer en Numm proposéiert an dat direkt an d'-Gesetz geschriwwen. Dës Kéier ass keen Numm, deen esou evident wor, deen ee konnt op dee Lycée setzen, esou datt ech dat wäert duerch Règlement grand-ducal nohuelen. Ech hoffen, datt een dann awer e gudde Choix kann treffen.

Nach ee Wuert zum Plan sectoriel, eng Fro, déi vum Här Zanussi opgeworf ginn ass. Et gëtt esou gemaach wéi et am Gesetz virgesinn ass, iwwert den Aménagement du Territoire, an et gëtt e Règlement grand-ducal geholl. D'Prozedur ass genee am Gesetz virgeschriwwen, esou datt ech dat net brauch hei ze widderhuelen.

Den Här Zanussi huet nach gemengt, ech hätt an der Kommissioun gesot, et kéim e Projet de loi fir d'Bauprozeduren ze accélérieren,. Dat hunn ech net gesot. D'Education nationale géing e Projet de standardisation entwéckelen, fir datt d'Prozedur duerno kann accélériert ginn, well fir d'Bauprojeten ass den Educationsminister net zoustänneg, mä de Bauteminister, wéi den Här Zanussi dat jo och weess. Dee Programme de standardisation ass entwéckelt ginn an deen ass elo un de Bauteminister gaangen, esou datt deen nächste Lycée, dee gebaut gëtt, an zwar dee vu Réiden, wou de Programm och fäerdeg gestallt ginn ass, dann op Grond vu deene Standardisatiounen geschitt. Mir hunn eis och un der Standardisatioun inspiréiert, fir de Programm vun Lycée Hubert Clément ze développéieren, de Lycée Hubert Clément, wou mer eis jo all wënschen, datt en op d'Lentille Terres-Rouges kennt.

Dat also wat d'Kompetenze vun Educationsminister ubelaangt. Ech hoffen natierlech, datt mer eng Prozedur fanen, wou mer d'Baute kennen accélérieren. Allerdéngs wann ee kuckt, wéi an deene leschte Froe vum Marché public reagéiert ginn ass, da weess ech net, ob mer et fäerdeg bréngen, dat do iwwerhaapt ze accélérieren.

Den Här Zanussi deen ass beharrlech, Här President, wéi mer wëssen, an deen huet selbstverständlech och nach eng Fro.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Madame Ministerin, ech wollt lech nach eng Kéier froen, am Zusammenhang mam Plan sectoriel. Et ass an der Rei, datt dat e Règlement grand-ducal gëtt, an datt et no de Prozedur vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire soll ofgewéckelt ginn, mä: Wéi wäit ass deen Text? Wéi wäit ass den Text inhaltlech fäerdeggestallt, fir dass e kann op den Instanzewee goen?

Mir haten an der Kommissioun den 11. Abrëll en Dokument. Ass dat d'Schlussdokument? Huet sech dorunner eppes geännert? Wéi ass de Stand vum Dokument? Dat wollt ech am Fong mat menger Fro wëssen.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- De

Stand vum Dokument ass deen, dass am Secteur vum Osten nach musse Prezisiounen an de Programm bruecht ginn. Am Ufank wollte mer dräi Pôles d'enseignement. Et schéngt sech awer erauszeschielen, datt mer e véierte Pôle d'enseignement kréien, wou Gréiwemaacher, wou lechternach a wou Jonglënster dran ass. Do mussen nach Ofstëmmunge kommen an deem Text, mä all déi aner Punkte si prett, sou dass mer parallell dozou awer schoonn d'Programme fir déi Schoulen, déi schoonn arrétéiert sinn, notament de Lycée vu Réiden an de Lycée op de Frichen vu Belval virun développéiert hunn an net mussen op de Plan sectoriel waarden, fir iwwerhaapt Aarbechte kënnen ze entaméieren.

Ech mengen, Här President, domat hätt ech op d'Froen all geäntwert. Ech géing nach eng Kéier allen Intervenante villmools merci soen an all deenen, déi sech ëm déi Schoul zu Esch këmmen, weiderhi bonne chance wënschen. Ech wëll besonnesch awer de Schüler, well ëm déi geet et, alles Gude wënschen, dass se eng gutt Scolaritéit an der Schoul maachen an och do déi Qualifikatioun kréien, déi hire Kapassitéiten an hiren Aspiratiounen entsprécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Madame Lydia Mutsch huet nach eng Fro.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Ech hunn nach eng Fro un d'Madame Minister ze stellen. Kënnt Dir eis Opschloss ginn iwwert Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- D'Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz, do widderhuelen ech dat, wat ech der Mme Mutsch an der Kommissioun gesot hunn a wat ech an Entrevuë gesot hunn. De Stat hält d'Gebai op der Victor-Hugo-Plaz, dat aalt Gebai, wat an engem ganz gudden Zoustand ass. Ech verstinn zwar ganz gutt, dass d'Gemeng Esch begeeschtert wier, fir dat Gebai ze iwwerhuele fir hir eege Schoulzwecker. Wat déi aner Gebaier ubelaangt, déi an engem schlechten Zoustand sinn...

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Dat ass, dat wat ech mengen, Mme Minister!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Nach eng Kéier, ech sinn net Bauteminister, ech hunn déi Analysen net gemaach, ech wäert dat awer viruleeden, a wa mer dann d'Resultat hunn, wann dann am Bauteministerium d'Resultat vun deenen Analyse virläit, da wäert et och esou sinn, dass d'Chamber dat matgedeelt kritt, an och selbstverständlech den Escher Schäfferot, dee bestëmmt och dorun interesséiert ass.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Jo, deen zënter dräi Joren op déi Äntwer-te waart.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Ech soen lech merci.

M. Lucien Weiler (CSV).- Frot d'Madame Minister emol nach wéi Qualitéit vun deenen neien Timberen ass!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt nach d'Parole après ministre.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert fir Parole après ministre.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, fir d'éischt wollt ech mech bei der Madame Stein entschëllegen, dass ech hir eng ongeheierlech Ennerstellung gemaach hunn. Ech hunn nämlech an dem Text, wou déi zwou Motiounen mateneen ofgehandelt gi sinn, gesinn, dass d'Mme Stein zwar Skepsis hat par rapport zu der Séparatioun vu Péiteng an Déifferdeng, mee si war awer domat d'accord an huet déi Motioun och mat ge-

droen, fir déi Escher Gebaier an zwee ze deelen. Dobäi hat se och eng gutt Nues, well dat heiten ass jo lo geschitt. Dat zu Déifferdang ass jo nach en suspens.

Ech wollt awer nach eppes Zweetes soen, wat vill méi interessant ass an dem Beräich. Ech huelen Akt dovunner, dass d'Mme Ministerin déi zwou Motiounen vun eis oflehnt. Dat interesséiert mech besonnesch am Fall vun der zweeter Motioun. Well déi zweet Motioun ass textuellement déiselwecht wéi déi vum 2. Juli 1998. Déi Motioun war deemools net nëmme vun der Chamber unanimement ugehall ginn, mä si war och ënnerschiwweg ginn, ausser vu mir, vu folgende Leit: vun engem gewëssenen Eugène Berger, engem Fernand Greisen, engem Jean-Claude Halsdorf an enger Madame Nelly Stein. Also kann ech feststellen, dass no véier Joer d'Offensiv vum Här Berger zimlech no hanne gaangen ass, well déiselwecht Motioun mat deeneselwechte Wieder, déi deemools hei eng gréisser ökumenesch Begeeschterung ervirgeruff...

(Interruption et hilarité)

Wann een natierlech no der PISA-Etüd an deem heiten Domän seng Meinung ännert, dann ass ee wierklech domm.

Une voix.- ...dësen Text ass och aus der PISA-Etüd.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir maachen d'Lectione vun den Artikelen a stëmmen of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4871.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Motions

Mir kommen zu de Motiounen. D'Motioun 1 ass vum Här Garcia explizéiert ginn.

De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 vum Här Garcia sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 34 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Mir kommen elo nach zur Motioun 2 vum Här Garcia.

Wie fir déi Motioun 2 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 25 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an zwou Abstentiounen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: Mme Nelly Stein et M. Fred Sonnen.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4978 iwwert d'Regierungssubventiounen fir de siwente Fënnefjoresplang am Beräich vum Sport.

Et si schoonn ageschriwwen déi Härren Hauptert, Zanussi, d'Madame Durdu, d'Häre Colombero, Garcia, Urbany a Scheuer. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Xavier Bettel. Den Här Bettel huet d'Wuert.

3. 4978 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Xavier Bettel (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren. De Projet de loi ass den 2. Juli 2002 déposéiert ginn. De Conseil d'Etat huet den 9. Juli 2002 säin Avis ofginn a mir hunn den 18. September, den 1. Oktober an eiser Kommissioun de Projet de loi analyséiert an ee Rapport gestëmmt. De Projet gëtt schohn haut ofgestëmmt.

Wann een d'Rapporten an d'Avise liest vum Conseil d'Etat zum COSL, gëtt et hei eng Persoun, där een dierf merci soen. Dat ass d'Mme Brasseur. Duerch deen heite Gesetzesprojet gëtt enfin d'Exigence vum Conseil d'Etat realiséiert, an ech zitéieren de COSL: "Le COSL se félicite, le COSL ne peut qu'approuver, le COSL adhère à l'idée..."

Also Dir gesitt, dat heiten ass ee Projet de loi, dee mat enger grousser Approbatioun, op jidde Fall vun deenen zwee Organer, déi ëm een Avis gefrot gi sinn, adoptéiert ginn ass.

Wat gesäit dee Projet de loi vir? Et si siwen Artikelen. Den éischten Artikel gesäit eng Envelopp vir vun 120 Milliounen Euro fir d'Joer 2003 bis d'Joer 2007. Dat ass deen aachte Programme quinquennal. Deen éischten huet 1968 ugefaang.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat do ass da fir d'Equipements sportifs. Déi gi vun de Gemenge gebaut, vun de Syndicats intercommunaux, oder vun nationale Sportsorganisatiounen.

Den Artikel 2 vun deem Projet de loi gesäit vir, dass de Ministère des Sports, deen d'Attributiounen huet, och e Programm dann ausschafft, dat heescht, dass och net honnertausend verschidde Ministèren do eng Kompetenz hunn, mee exclusivement de Ministère des Sports, wat och richtig ass. Ech kommen derno nees drop zréck.

Am Artikel dräi ass virgesinn, wéi déi Aide ass. Dat heescht, fir eng Gemeng kann dat op 35% eropgoen, fir eppes Regionales bis op 50%. Et kann esouguer bis op 70% eropgoen, wann et en Intérêt national huet. Dat heescht, d'Regele si fest a kloer. Den Artikel 4 gesäit vir, dass een zum Beispill kënnt à titre exceptionnel fir Gemengen eng Aide ginn, déi wierklech net genug Infrastrukturen hunn.

Den Artikel 5 ass eng Erneuerung, wouhier och de Luef vum Conseil d'Etat a vum COSL komm ass. Dat ass, datt d'Mme Brasseur an deem heite Projet de loi d'Renovatiounen an de Maintien vun de Installatiounen aus dem Plan quinquennal erausgehall huet. Wann een nämlech d'Geschicht kuckt vun de Plans quinquennaux, kuckt, zum Beispill bei dem Véierten, do wou en Dépassement vu 65 % vum Plan quinquennal war, dann ass do ëmmer gebaut ginn, an dunn ass e bësse gefléckt ginn, an et ass e bëssen hei gemaach ginn, an dunn ass et mat de Suen nees vir an hannen net duergaangen, an esou ass da vun deem nächste Plan quinquennal schohn eng Partie vun de Sue grevéiert gewiescht. De véierte Plan quinquennal mat 65% zum Beispill. Et ass kloer, dass all Kéiers Dépassementer waren.

Duerfir huet d'Madame Brasseur bei deem heite Projet de loi alles wat d'Renovatioun an de Maintien vun den Installatiounen ugeet, iwwert den normale Budget lafe gelooss an net méi iwwert de Plan quinquennal. Duerfir och den Artikel 6, deen de Plan quinquennal, de siwenten, nach completéiert, wou eng Zomm vun 22 Millounen Euros derbäi kënnt.

Wann ech elo e bësse méi an den Detail ginn, da gief ech lech erlaben ze soen, dass den 8. Plan quinquennal d'Realisatioun zum Beispill virgesäit vun zéng Halls multisports, aacht Halls de sports, dräi Salles de sports, dräizéng Piscines couvertes, uechzéng Terrains de sports, aacht Halls de tennis, enger Installation d'escalade, enger Piscine en plein air et l'agrandissement d'une patinoire.

Dir gesitt virun allem, dass et grouss Infrastrukture sinn, wou selbstverständlech och d'Gemengen drop uge-wise sinn, fir eng gewëssen Hëllef ze